N°4074
Entrée le 08.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4074 vum 7. Mee 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Gusty Graas iwwert "Produits à usage unique".**

**Wei gesäit den Här Minister d'Fuerderung vum concernéierte Gedrénksproduzent, dat ee bei de Stréihällem rëm sollt op Plastik setzen?**

**Wei bewäert den Här Minister déi aktuell Reegelen an der EU bezüglech de produits à usage unique?**

Déi am Zeitungsartikel thematiséiert « Directive (UE) 2019/904 du 5 juin 2019 relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement » huet zum Zil, den Impakt vu verschiddenen Eeweeprodukter op d'Ëmwelt ze reduzéieren, a viséiert dohier déi Produiten déi besonnesch oft an der Natur als "Littering" fonnt ginn.

D'Zil op nationalem sou wéi op europäeschem Niveau ass et weiderhin Offäll ze vermeiden mat Hëllef vun enger méi staarker Kreeslafwirtschaft, an en Vue vun der ugestriefter Klimaneutralitéit. Dohier wäert d'Gestioun vun Eeweeprodukter och weiderhin e wichtege Punkt vun der EU-Strategie bleiwen.

Fir d'Impakter vun der Direktiv ze analyséieren ass an der Direktiv eng Evaluatioun fir Mëtt 2027 virgesinn. Am Hibléck zu de Fuerderunge vum concernéierte Gedrénksproduzent soll een d'Resultater vun der Evaluatioun ofwaarden éier ee probéiert fréizäiteg Conclusiounen ze zéien oder Moossnamen ze ergräifen.

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit